N°4469
Entrée le 07.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°4469 vum 15. Juli 2026, vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement zum Sujet « Contrôles frontaliers allemands et espace Schengen » .**

1. **Wéi eng konkret Demarchen huet d'Regierung zënter der Stellungnam vun der Europäescher Kommissioun vum 2. Juni 2026 bei der Bundesregierung ënnerholl? Huet sech duerch dës Stellungnam den Dialog mat Berlin verännert?**

D'Regierung begréisst d'Avis'e vun der Europäescher Kommissioun vum 2. Juni 2026 iwwert d'Proportionalitéit an d'Noutwennegkeet vun de Bannegrenzkontrollen an deelt och d'Conclusioun, dass een eng Exit-Stratégie brauch. D'Regierung rappeléiert weider reegelméisseg d'Lëtzebuerger Positioun zu de Grenzkontrollen a setzt sech fir een oppent Schengen an, wéi och kierzlech um Conseil JAI vum 4. Juni 2026 . Säit hirer Publikatioun ginn d'Avis'en och am Dialog mat Berlin thematiséiert.

2. **Huet d'Regierung vun den däitschen Autoritéiten en Engagement, och just informell, betreffend engem Datum fir d'Ophiewe vun de Kontrollen un der däitsch-lëtzebuergescher Grenz kritt? Hält den Här Minister u senger Aschätzung fest, datt dës Kontrollen am September 2026 kéinten en Enn fannen — engem Zäitpunkt, op deem laut Schengener Grenzkodex keng weider Verlängerunge méi méiglech sinn?**

Déi däitsch Autoritéiten hu bis elo kee konkreten Datum genannt wéini d'Grenzkontrollen opgehuewe ginn. D'Akraafttriede vum Migratiouns- an Asylpakt an d'Adoptioun vum neie Règlement Retour sollten awer dozou bäidroen, dass d'Kontrollen zäitno en Enn fannen.

D'Regierung hält weider um Dialog mat den däitschen Autoritéite fest an erënnert drun, dass op den 2 Haaptachse mat Däitschland déi immobil Infrastruktur vun de Grenzkontrollen zréckgebaut gouf. Op mäin Awierken hi goufen un der A64 bei Tréier säit September 2024 di bestoend stationär Grenzkontrolle schrëttweis ugepasst an 2026 duerch flexibel Kontrollen ersat. Un der A8 bei Schengen goufen di fest Kontrollposten am Summer 2025 opgehuewen. A béide Fäll goung et drëms, de Verkéiersstau deen duerch Grenzkontrollen entstan ass, ze reduzéieren an d'Zirkulatioun fir Frontalieren an Entreprisen an der Grenzregioun ze verbesseren.

Dës Mesuren hunn effektiv zu der Normaliséierung vum Verkéier laanscht déi däitsch-lëtzebuergesch Grenz bäigedroen.

3. **Huet d'Regierung vir, d'Stellungnam vun der Kommissioun vum 2. Juni 2026 souwéi déi iwwereneestëmmend Rechtssriechung vun den däitsche Verwaltungsgeriichter als zousätzlech Argumenter an hiren Austausch mat Berlin a mat der Kommissioun anzebréngen?**

D’Avis’e vun der Kommissioun vum 2. Juni 2026 an déi iwwereneestëmmend Rechtssspriechung vun den däitsche Verwaltungsgeriichter widderhuelen zu groussen Deeler d’Argumenter vu Lëtzebuerg zur Non-Konformitéit vun den däitsche Bannegrenzkontrollen a bestäerken d’Positioun vun der Regierung. Am Austausch tëscht der Regierung an den däitschen Homologe wéi och mat Bréissel gi souwuel d’Avis’e wéi d’Arrêté’e reegelméisseg thematiséiert.

4. **Wann een dës Rechtsspriechung an d'Stellungnam vun der Kommissioun bedenkt: iwwerdenkt d'Regierung hir konstant Positioun, all Recours virun der Cour de justice vun der Europäescher Unioun auszeschléissen? Wann net, wéi eng Handlungsméiglechkeete gesäit d'Regierung nach als zur Verfügung stoend, falls d'Kontrollen iwwer de September 2026 eraus verlängert géife ginn?**

D’Regierung hält un hirer Positioun fest, mat Berlin den Dialog ze privilegéieren. Dësen Dialog huet et ënnert anerem erméiglecht, d’Modalitéite vun de Kontrollen ze veränneren an esou den Impakt op déi vill Frontalier’en ze limitéieren. Parallel lafe weiderhi Consultatioune mam europäesche Schengen-Coordinateur an den däitschen Autoritéiten, wéi kierzlech a Form vun enger Aarbechtsvisitt zu Lëtzebuerg. Falls d’Kontrollen iwwert de September 2026 verlängert géife ginn, gesäit de Schengener Grenzkodex e weideren Avis vun der Kommissioun iwwert d’Proportionalitéit an d’Noutwennegkeet vir.

5. **Wou steet d'Préiwung, duerch d'Europäesch Kommissioun, vun de Projete vu bilateralen Ofkommes iwwer Police- a Migratiounszesummenaarbecht, déi Lëtzebuerg als Alternativ zu de Kontrollen un de Bannegrenze virgeluecht huet?**

Am Beräich vun der Policezesummenaarbecht negociéiert Lëtzebuerg aktuell Accord’e mat sengen däitschen a franséischen Noperen. Am Kader vun enger Visite vum EU Schengen Coordinateur zu Lëtzebuerg, un där och Representantë vun der däitscher Bundespolizei an dem Bundesinnenministerium deelgeholl hunn, goufen déi bestoend a geplangten Instrumenter mat Däitschland vu lëtzebuergescher Säit virgestallt. D’Europäesch Kommissioun huet déi Aarbechte begréisst.

6. **Huet d'Akraafttriede vum Europäesche Pakt iwwer Migratioun an Asyl bis elo den erwaarten Effet gehat, d'Aféieren oder d'Bäibehale vu Kontrollen un de Bannegrenze méi schwéier ze maachen?**

Den Europäesche Pakt iwwer Migratioun an Asyl ass eréischt den 12. Juni a Kraaft getrueden, sou dass et nach ze fréi ass, fir de genauen Impakt ze moossen. Verschidde Memberstaaten hu schonns ugekënnegt, hier Grenzkontrollen net méi ze verlängeren, an och Däitschland huet e méiglecht Enn vun de Kontrolle bis elo ëmmer un d’Akraafttriede vum Pakt gekoppelt.

Lëtzebuerg, de 7. August 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden